N°74
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 74 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Centre d'intervention commun pour la police et le CGDIS entre Bascharage et Pétange"**

**Fro 1**

D'Gebailechkeete vun der Police sinn zum Deel veraalt, ze kleng an och net méi adaptéiert un ee moderne Service public. Dëst ass och fir de Kommissariat Péiteng/Käerjeng de Fall.

Wéi am Programme gouvernemental steet, well dës Regierung zousätzlech Efforten maache fir der Police hir Infrastrukturen ze adaptéieren, sief et Kommissariater ze renovéieren oder nei Kommissariater ze bauen.

An deem Sënn gëtt och de Projet vum Bau vun engem neien Gebai fir d'Kommissariat Péiteng/Käerjeng weidergefouert.

Et lafen aktuell Diskussiounen matt der Gemeng Péiteng iwwert en neien Site zu Lénger, deen d'Gemeng proposéiert huet an deen an ëffentlecher Hand ass.

**Fro 2**

Et ass eng Reunioun geplangt matt der Gemeng Péiteng en vue vun der Ausschaffung vun engem Avant-projet sommaire op dësem Site.

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden